N°803
Entrée le 10.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 803 vum 28. Mee 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*<u>1. Wéi vill Leit maache pro Joer zu Lëtzebuerg e Schlag? Wéi vill vun hinne ginn dono a lëtzebuerger Klinicke behandelt? Wéi vill dovu landen an enger sougenannter stroke unit?</u>*

No der Analys vun den Donnéeë, gesammelt an der *Documentation et Classification des Séjours Hospitaliers* (DCSH), kann ee feststellen , datt am Joer 2022 **819 Persoune** wéinst engem akute Schlagufall opgeholl goufen, wärend et am Joer 2023 **921 Persoune** waren.

| | DCSH 2022 | DCSH 2023 |
|---|---|---|
| Zuel vu Patienten, déi fir een akute Schlagufall opgeholl goufen | 819 | 921 |

Am Joer 2022 goufen et **296 Openthalter** an enger spezialiséierter Betreiungseinheet (Stroke-Unit), (dat entsprécht 33% vun den Hospitalisatioune wéinst akutem Schlagufall).

Am Joer 2023 waren **268 Openthalten** an enger Stroke-Unit (dat entsprécht 27% vun den Spidolopenthalten wéinst akutem Schlaganfall).

*<u>2. Wat ass d'Altersstruktur vun dëse Patient:Innen a wéi verdeelt se sech statistesch (Moyenne, Median, Quartilen)?</u>*

Geméiss den DCSH-Donnéeë vun 2022 an 2023 stellt sech déi statistesch Verdeelung vum Alter vun de Patienten, déi wéinst engem akuten Schlagufall hospitaliséiert goufen, wéi follegt duer:

| Alter (Joren) | DCSH 2022 | DCSH 2023 |
|---|---|---|
| Duerchschnëttsalter | 71.2 | 70.5 |
| Medianalter | 73 | 73 |
| Quartil 1 | 60 | 60 |
| Quartil 3 | 83 | 83 |

*<u>3. Kann d'Ministesch bestätegen, dass 60% vun dëse Patient:Innen duerno op eng Reha-Moosnahm ugewise sinn?</u>*

D'Analys vun den DCSH-Donnéeën weist op d'Zuel vu Patienten hin, déi fir Rehabilitatiounsmoossname betreit ginn, entweder an engem Centre Hospitalier oder an engem spezialiséierte Spidol mat Mëttelzäitbetter. D'Proportioun u Patienten, déi op eng Reha-Moosnahm ugewise sinn, läit bei manner wéi engem Drëttel (respektiv 28.3 % am Joer 2022, an 27.9% am Joer 2023). Allerdéngs erlaabt d'Analys vun den DCSH-Donnéeën net ze bestëmmen, wéi vill Persoune vun ambulanter Rehabilitatioun profitéieren oder an d'Ausland transferéiert ginn.

| | **Proporzioun vun de Patienten, déi e Schlagufall haten an Rehabilitatiounsmoossname gebraucht hunn (%)** | |
|---|---|---|
| **Ennerbréngsungsuert** | **DCSH 2022** | **DCSH 2023** |
| Rehabilitatiounsservicer an engem Centre Hospitalier mat Mettelzaitbetter | 15.7 | 14.4 |
| Spezialiséiert Spidol mat Mëttelzäitbetter (RHZ, CRCC, HIS) | 12.6 | 13.5 |
| **TOTAL** | **28.3** | **27.9** |

*4. Wéi gesäit d'Prise en charge no der Intensivphase aus? Ënnerstëtzen d'Klinicken d'Patient:Innen an hier Famillje beim Iwwergang an eng Reha-Ariichtung a wann se nees heem ginn? Wa jo, wéi gesäit dës Ënnerstëtzung aus? Wa nee, wien ass dofir zoustänneg?*

An de Spideeler ënnerstëtzen d'Equipen d'Virbereedung vum Patient fir d'Heemrees oder d'Assistante-socialen d'Patienten an hir Familljen a koordinéieren, wann néideg, den Transfert vum Patient an eng aner Institutioun, zesumme mat de Familljen.

Ausserdeem, gesäit d'Gesetz d'Grënnung vun engem Réseau de Compétences "Accidents Vasculaires Cérébraux" vir (Loi du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière, Art.28). Allerdéngs as bis elo nach keen Projet de Réseau de Compétences AVC am M3S agereecht ginn.

*5. Wéi laang dauert am Duerchschnëtt eng Behandlung no engem Schlag? Wéi vill Prozent vun de Patient:Innen kënnen duerno nees heem goen? Wéi vill Prozent ginn duerno an en Alters- oder Pfleegeheem iwwerwisen?*

D'Patienten, déi an engem **Centre Hospitalier** wéinst engem akute Schlagufall hospitaliséiert goufen, hunn am Duerchschnëtt souwuel am Joer 2022 wéi och 2023, 17 Deeg do verbruecht, onofhängeg vun der Art vun der medezinescher oder chirurgescher Behandlung oder der Rehabilitatioun. Allerdéngs ass d'Behandlung no enger Hospitalisatioun net onbedengt eriwwer a kann am ambulatoire weider goen.

| Openthalt vu Patienten, déi fir en akute Schlagufall oder Säiquellen vum Schlagufall hospitaliséiert goufen | DCSH 2022 | DCSH 2023 |
|---|---|---|
| Duerchschnëttlech Dauer vum Openthalt (an Deeg) | 17 | 17 |

D'Patienten, déi an enger **Rehaariichtung (RHZ, CRCC, HIS)** wéinst Säiquellen vun engem Schlagufall hospitaliséiert goufen, hunn am Joer 2022 am Duerchschnëtt 73.9 Deeg do verbruecht an am Joer 2023 nëmmen 61.9 Deeg.

| Openthalter, wou Patienten wéinst Säiquellen vun engem Schlagufall hospitaliséiert goufen an enger Rehaariichtung (RHZ, CRCC, HIS) | DCSH 2022 | DCSH 2023 |
|---|---|---|
| Duerchschnëttlech Dauer vum Openthalt (an Deeg) | 73.9 | 61.9 |

Den Undeel vu Patienten, déi an engem Centre Hospitalier mat Mettelzaitbetter wéinst engem akute Schlagufall hospitaliséiert goufen an **zeréck heem** gaange sinn, gëtt geschat op 61.5 % am Joer 2022 an op 63.8 % am Joer 2023.

| | DCSH 2022 | DCSH 2023 |
|---|---|---|
| Proporzioun vun den Openthalter, wou Patienten wéinst engem akute Schlagufall hospitaliséiert goufen an **heem gaange** sinn (an %) | 61.5 | 63.8 |

D'Proporzioun vun den Patienten, déi an engem Spidol mat akuten Better wéinst engem akute Schlagufall hospitaliséiert goufen, an déi an eng **Struktur fir eeler Leit verluecht** goufen, gëtt geschat op 4.5% am Joer 2022 an ob 4.6 % am Joer 2023.

| | DCSH 2022 | DCSH 2023 |
|---|---|---|
| Proporzioun vun den Patienten, déi an eng **Struktur fir eeler Leit verluecht** goufen (an %) | 4.5 | 4.6 |

*6. Wéi vill Schlagpatient:Innen ginn aktuell am nationale Rehazenter a wéi vill an enger anerer Rehaariichtung behandelt? Wéi ass jeeweils d'Altersstruktur vun dëse Patient:Innen?*

No der Analys vun den Donnéeë DCSH, sinn am nationale Rehazenter (RHZ) am Joer 2022 **67 Schlagufallpatiente** mat Säiquellen behandelt ginn. Am Joer 2023, waren et der **80**. An deenen anere Rehaariichtungen (CRCC an HIS), sinn am Joer 2022 **52 Schlagufallpatiente** mat Säiquellen behandelt ginn. Am Joer 2023, waren et der **61.**

| | DCSH 2022 | DCSH 2023 |
|---|---|---|
| Zuel vu Schlagpatienten mat Säiquellen déi am **RHZ** behandelt goufen | 67 | 80 |
| Zuel vu Schlagpatienten mat Säiquellen déi am **enger anerer Rehaariichtung** behandelt goufen | 77 | 106 |

Geméiss den DCSH-Donnéeë vun 2022 an 2023 stellt sech déi statistesch Verdeelung vum Alter vun de Patienten, déi an Rehaariichtungen behandelt goufen, wéi follegt duer:

| Alter (Joren) | DCSH 2022 | DCSH 2023 |
|---|---|---|
| Duerchschnëttsalter | 64.6 | 62.4 |
| Medianalter | 54 | 50 |
| Quartil 1 | 63.5 | 65 |
| Quartil 3 | 76 | 75.5 |

*7. Wéi vill Schlagpatient:Innen ginn aktuell am Ausland behandelt? Besti Konventiounen oder eng aner Form vun Zesummenaarbecht tëscht lëtzebuergesche Klinicken an auslännesche Rehazenteren? Wa jo, wéi gesäit dës Zesummenaarbecht aus?*

Den CNRFR[1] huet keng Konventiounen mat spezialiséierte Spideeler an der Reéducatioun an der Réadaptatioun ausserhalb vu Lëtzebuerg ofgeschloss.

D'CNS kritt all demande de transfert eran mee gesäit duerno net am Détail wéi eng Behandlung am Ausland gemaach get, duerfir kann een keng Donnée'en zu de Behandlungen am Ausland gin.

*8. Wat sinn d'Haaptdestinatiounen am Ausland, wou Schlagpatient:Innen aus Lëtzebuerg iwwerwise ginn? Wéi ass d'Altersstruktur vun dëse Patient:Innen? Wéi laang dauert am Duerchschnëtt eng Behandlung am Ausland? Wien organiséiert de Suivi, wann déi Patient:Innen aus der Reha entlooss ginn?*

D'Daten, déi aktuell zur Verfügung stinn, sinn net präzis genuch fir ee komplette Behandlungs-Parcours zeechnen ze kënnen an kloer ze identifizéieren.

*9. Wéi steet d'Gesondheetsministesch zu de Virwërf aus dem Artikel "Angehörige von Schlaganfallpatienten fühlen sich alleine gelassen" aus dem Lëtzebuerger Wort vum 14te Mee 2024, datt de nationale Rehazenter bei de fräie Plazen d'Prioritéit op méi jonk Patiente leit an dowéinst deels keng eeler Patient:Innen opgeholl ginn an d'Famillje vun de Patient:Innen sech no der Akutbehandlung eleng gelooss fillen? Ass d'Ministesch der Meenung, dass et an dësem Punkt Verbesserungspotential gëtt?*

Den Alter vun de Patienten ass keen Opnamekriterium am CNRFR. Et gëtt keng Prioritéit fir Patienten an Hisiicht op hiren Alter oder hir Jugendlechkeet. D'Opname- an Ausschlosskriterien am CNRFR goufen vum Verwaltungsrot validéiert an kënnen op der Internetsäit vum CNRFR consultéiert ginn: Zulassung – Rehazenter

Internetsäit : [Admission - Rehazenter]

Doriwer eraus weise mer drop hin datt de eventuelle Patient schon am Spidol évaluéiert get an den Dokter mat der Famill décidéiert ob den Patient hei am Land bleiwt oder eventuell an d'Ausland iwerwise get. Vun deem Moment un wou den Dokter an d'Famill décidéiert hun datt de Patient an den CNRFR kennt, dauert et an der Moyenne ongeféier 9 Deeg bis zum Transfert.

*10. Wéi steet d'Regierung zum vun der Blëtz asbl gefuerderte "Schlaganfall-Lotsen"?*

[1] Centre National de Rééducation Fonctionnelle et de Réadaptation (Rehazenter)

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Wéi ënner 4. beschriwen, steet am Gesetz vum 8 Mäerz 2018 dat en Réseau de Compétences AVC kéint geschaf ginn fir eng interdisziplinär Gestioun ze garantéieren. An dësem Kader kinnt de Konzept vum "Schlaganfall-Lotsen" intégréiert gin.

Lëtzebuerg, den 10. Oktober 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez